



Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Interpellat° - Dēpis de
la Police Grand-Ducal



MOTIOUN


D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Police-Beamten, grad wa gréisser Asätz musse gemaach ginn, zum Deel ganz vill lwwerstone musse leeschten an doduerch dacks Roudeeg ewechfalen oder musse verréckelt ginn;
- am Fall vu gréisseren Asätz d'Police-Beamten dacks eréischt kuerz virdu Bescheed gesot kréien, datt si mussen untrieden;
- grad Police-Beamten, déi elengerzéiend sinn oder awer an enger Koppel liewen, wou de Partner z.B. op Schichte schafft, gréisser Problemer hunn, fir kuerzfristeg eng Léisung ze fannen, wien d'Kand, respektiv, d'Kanner versuergt;
- et bei gréisseren Asätz fir d'Police-Beamte meeschtens net ofzegesinn ass, wéi laang dës genee daueren an dass si doduerch Schwieregkeeten hunn, eng Persoun mat der néideger Disponibilitéit a Flexibilitéit ze fannen, déi d'Kanner versuergt;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Léisung auszeschaffen, deem d'"Prise en charge" vun de Kanner vun de Police-Beamte garantéiert.


Fernand Kartheiser